PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

All Bierger kann iwwert d'Mobilitéitszentral Informatiounen zu dem ëffentlechen Transport, der Mobilité douce an dem Wee mam Auto fannen. Iwwert d'Helpline +352 24 65 24 65 kënnen d'Leit dann och Nofroe stellen a reklaméiere, wann mol eng Kéier eppes net klappt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune mat wéi enge Stonnekontrakter si fir Helpline vun der Mobilitéitszentral zoustänneg?
2. Wéi vill Appeller sinn am leschte Joer (pro Woch) an der Mobilitéitszentral agaangen? Wéi vill Prozent vun dësen Appeller goufen traitéiert?
3. Wéi vill Reklamatioune sinn am leschte Joer an der Mobilitéitszentral agaangen?
4. Wat fir Suitte kruten déi Reklamatiounen?
5. Oft kënnt et fir, dass d'Mobilitéits-App uweist, dass ee Bus op enger Plaz wier, en a Wierklechkeet awer nach eng ganz Réi Arrête vun deem Punkt op der Streck ewech ass.

   Wéi kommen esou Diskrepanze bei der App zustanen, wou ee Bus als passéiert ugeschloe gëtt, den Arrêt awer bis elo nach guer net areecht huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten